N°833
Entrée le 31.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg läit an de leschte verfügbaren Statistiken vun EUROSTAT am Top fënnef vun de geféierlechste Länner an Europa wat d'Unzuel vun Abréch an Iwwerfäll pro 100.000 Awunner ugeet. Der Kriminalitéitsstatistik vum leschte Joer no gouf et 2023 3.973 Abréch oder versichten Abréch, 566 Iwwerfäll mat Gewalt an 3.755 Fäll vu virsätzlecher Kierperverletzung.

Dëst entsprécht ronn:

- 11 Abréch oder versichten Abréch a Gebaier, pro Dag
- 10 Gewaltakte wou Persounen ugegraff ginn, pro Dag
- 11 gewalttätegen Iwwerfäll pro Woch

Allerdéngs héiert een an der Aktualitéit vu quasi kenge Gewaltakten oder Iwwerfäll. D'Journaliste soen, datt si net méi vun der Police gewuer ginn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Iwwerfäll mat Gewalt a vu virsätzlecher Kierperverletzung zanter dem 1. Januar um Zitt vu police.lu an den Aktualitéite publizéiert goufen, a wéi vill der am selwechten Zäitraum un d'Medien kommunizéiert goufen, a jeeweils wéi vill net?
2) Kann den Här Minister erklären, firwat déi allermeeschte Fäll net public gemaach ginn (um secret d'instruction kann et jo net leien, well eng Meldung wéi "an der Stad gouf eng Persoun iwwerfall a verletzt" keen Afloss op d'Ermëttlungen huet)?
3) Gëtt et Statistiken, wéi vill Affer vu Kriminalitéit blesséiert gi sinn? Ginn et heizou och Statistiken, wéi een se an anere Länner fënnt zu Alter, Geschlecht, Nationalitéit vun den Affer? Wann net, ass den Här Minister gewëllt an Zukunft esou Statistiken ze erstellen?
4) Gëtt et Statistiken zum soziologesche Profil vum Täter wat Alter, Geschlecht, Nationalitéit ugeet, esou wéi et se och an anere Länner ginn, z.B. an all Detail an Däitschland? Wann net, ass den Här Minister gewëllt an Zukunft esou Statistiken ze erstellen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 833 vum 31. Mee 2024 vum honorabelen Députéierten Fred Keup zum Sujet "Kriminalitéitsstatistiken"**

**Ad 1) an 2)**

Vum 1. Januar 2024 bis den 14. Juni 2024 goufen der Press 43 Déifställ mat Gewalt an 37 virsätzlech Kierperverletzungen kommunizéiert. D'Police kritt am Schnëtt eng hallef Dose Presseufroe pro Woch a beäntwert déi och alleguer, sou dass ëmfassend an transparent kommunizéiert gëtt. Et kann awer ëmmer nëmmen de Fait brut matgedeelt ginn, sou wéi en sech déi éischt Momenter duerstellt.

D'Press ass de privilegiéierte Partner vun der Police fir iwwer d'Kriminalitéit zu Lëtzebuerg ze kommunizéieren an huet iwwert en dediéierten Extranet Accès op Informatiounen. D'Zil vun der Kommunikatioun ass et, fir faktuell korrekt, komplett an objektiv Meldungen ze kommunizéieren.

Et ass net méiglech am Détail iwwer all eenzelnen Iwwerfall oder Gewaltakt ze kommunizéieren, well bei dësen Infraktiounen:

- oft eréischt e puer Deeg drop Plainte gefouert gëtt an dann eng Enquête gemaach gëtt.
- verschidde Fäll zum Zäitpunkt, wou d'Police se feststellt oder gemellt kritt, nach net kloer sinn an dem Krittär vun der faktuell richteger Berichterstattung net entspriechen.
- oft zu deem Moment relevant Informatioune wéi Zeienaussoen, Aussoe vun den Affer asw. feelen, esou dass eng objektiv a komplett Meldung net ka garantéiert ginn. Elementer, déi sech dono am Kader vun der Enquête erginn, sinn da Géigestand vum Erméttlungsgeheimnis.
- eng Pressemeldung d'Enquête beaflosse kann.
- virun allem bei Gewaltakten oft Alkohol am Spill ass, sou datt d'Aussoe vum Affer an/oder presuméierten Täter eréischt méi spéit opgeholl ginn.

**Ad 3) an 4)**

Et gëtt Statistike betreffend d'Altersgruppen an d'Geschlecht vun den Affer an den Täter, fir déi an der parlamentarescher Ufro viséiert Typpe vun Infraktiounen. D'Police féiert keng Statistiken iwwer d'Nationalitéiten. Doriwwer eraus kann et jo och sinn, dass d'Täter déi duebel Nationalitéit hunn.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2024
Den Innenminister
(s.) Léon GLODEN